# ***Laangfristeg denken am Handwierk***

An de leschte Woche, gesäit een an der Press verschidden Artikelen iwwer de Manktem vu qualifizéierte Leit am Handwierk. JO ET ASS URGENT!, a mir als AMELUX sinn der Meenung fir just Campagnen ze maachen oder de Jonken d'Handwierk probéiere schéin ze schwätzen oder ewéi am Ausland d'Aarbechtsstonne pro Woch erop ze setze, well net genuch Leit do sinn, esou léist een de Problem net, scho guer net op laang Siicht gekuckt. D'AMELUX huet jo schonn déi verschidden Acteuren aus dem Handwierk gesinn, JIDDEREEN war am grousse Ganze mat eisen Iddien averstanen, wat een och op eisem Internetsite noliese kann (www.amelux.lu). Den eenzege Wee fir an d'Handwierk nees Leit ze kréien, déi fräiwëlleg en Handwierk wëlle léieren, ass den Diplomer, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, endlech eng richteg Valeur ze ginn an dat ugefaange mam Meeschterbréif. Esou hunn déi Jonk en Ziel virun Ae wou sech lount, a wou keng Sakgaass ass. Am Moment ass et nu mol sou, datt gesot gëtt : "Den Echec geet an d' Handwierk".

Den héchsten Diplom am Handwierk soll an den Niveau 6, ewéi e Bachelor, gehuewe ginn. D'Kompetenzen, déi e Meeschter dagdeeglech vun der Theorie a Praxis ausféiert, sinn déi selwecht wéi se am Europäeschem Qualifikationsrahmen am Niveau 6 opgelëscht ginn. Kompetenze bestinn, wann een se genau analyséiert, aus Faertegkeeten an aus Uwendung, an do ass de Meeschter staark am Virdeel am Géigesaz zu vill Aneren.

Natierlech mussen och nach an der Beruffsausbildung déi richteg Hiewel a Beweegung gesat ginn, ugefaangen, datt ee beim DAP e weidert Ausbildungsjoer drun hänkt fir eben an der moderner Zäit mathalen ze kënnen a Punkto Digitalisatioun an och erneierbaren Energie'en. Et muss een zudeem verstäerkt op d'Fachsprooch vum Beruff agoen, sou datt komplext, theoretescht Fachwësse ka vermëttelt ginn, fir esou eng gutt Basis ze hunn.

Promotioun vun den eenzelen Ausbildungsjoeren dierf net méi verschenkt ginn, dës well heeschen, datt et am Moment bal onméiglech ass am Joer duerchzefale fir den Taux de Reussite sou héich wéi méiglech ze halen!!! Et kann een duerch déi sëlleg Verwässerunge vun deene "Reformen", duerch déi jo un sech eng Verbesserung sollt entstoen, alles kompenséiere mam Motto: 20 ass déi néi 30. Zudeem ass komm, datt wann een e Module sollt nohuelen, dëst iwwer 2 Joer a senger Ausbildung zéie kann, fir dëst ze packen. Unzuel vun de gepackte Modullen, wuelverstane gepackt mat 20 vu 60 Punkten, ass esou gestaffelt, datt een sech muss ustrenge fir duerchzefalen.

Et soll nees e gerechtfäerdegte PII-Examen (Projet Intermédiaire Intégré) sinn, an net en "Zwëschenexamen" deen eng Zwouklassegesellschaft schaaft. Fir deen ee Schüler, deen en normale Parcours mécht, geet et an dësem Exame fir méi an der Paie ze kréien, an deen aner Schüler, deen en Apprentissage pour adulte mécht an de Mindestloun verdéngt, dee

***Adresse postale:***
AMELUX a.s.b.l
c/o Peiffer Serge
8, rue des modeleurs L-3589 Dudelange
**Tél :** (+352) 691635785
**Courriel** : info@amelux.lu
***www.amelux.lu***

souwisou schonn 2-3 mol sou héich ass wéi d'Léierentschädegung, muss deen net packe, well dëse Kandidat souwisou näischt an der Paie bäikritt.

Mir hu laang gebraucht bis mer d'Handwierk (Beruffsausbildung ) an déi Situatioun erof gewirtschaft hunn wou et elo ass. Wann mir déi néideg Valorisatioun vun den Diplomer am Handwierk realiséiere géifen, wär de positiven Impakt eréischt an 3-6 Joer richteg ze spieren. Awer dat alles ass just méiglech, wann de Minister Claude Meisch dat ëmsetzt. Et muss een sech d'Fro stelle, firwat hien deen urgente Problem net ugeet mee einfach ignoréiert. D'Mentalitéit vu verschiddene Ministeren ass warscheinlech fir just kuerzfristeg ze denken op eng oder zwou Legislaturperioden, mee d'Handwierk muss laangfristeg geplangt ginn! Alles wat am Moment gemaach gëtt fir d' Handwierk ze promouvéieren ass jo alles schéin a gutt mee de Kärproblem fir d'Handwierk nees rentabel ze maache, gëtt net geléist. Aussoe wéi: "Mir hunn den Terrain berouegt" an nei Formatioune kreéiert, geet net duer, da gi mir dem Problem aus dem Wee. D'Fro ass och wou een sech muss stellen: Wéi laang kënne mer dem Problem am Handwierk nach aus dem Wee goen? Musse mer wierklech waarde bis näischt méi geet? Mir all sti scho mam Réck zu der Mauer, wann ee bedenkt, wéi laang een op en Handwierker waarde muss, bis ee kënnt! Affaire à suivre...

***Adresse postale:***

AMELUX a.s.b.l
c/o Peiffer Serge
8, rue des modeleurs L-3589 Dudelange

**Tél :** (+352) 691635785
**Courriel** : info@amelux.lu
***www.amelux.lu***